N° 7688
Entrée le 07.04.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

**Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson, der Finanzministesch Yuriko Backes an dem Kommunikatiouns- a Medieminister Xavier Bettel op d'parlamentaresch Fro n° 7688 vum 1. Mäerz 2023 vun den honorabelen Deputéierte Fernand Kartheiser a Fred Keup**

1. De "European Solidarity Fund for Ukrainian Filmmakers", dee vun 13 europäesche Filmfongen an d'Liewe geruff gouf, huet als Missioun, Subsiden u Filmprojeten ze ginn, déi vun ukrainesche Realisatricen oder Realisateure gedroe ginn, an an Zesummenaarbecht mat Filmschaffenden aus mindestens engem vun den 13 Länner, déi un dësem Fong bedeelegt sinn, developpéiert oder postproduzéiert ginn.

   De Lëtzebuerger Filmfong participéiert mat engem Apport vu 50.000 Euro un dësem Fong. Dës Contributioun kënnt direkt dem Lëtzebuerger Filmsecteur zegutt, well esou déi Lëtzebuerger Filmschaffend d'Opportunitéit kréien, mat Cineasten aus der Ukrain zesummenzeschaffen, déi eng immens renomméiert an héichwäerteg Filmindustrie hunn, an doriwwer eraus mat der ukrainescher Filmindustrie eng laangfristeg berufflech a wirtschaftlech Relatioun opzebauen, dëst op der Basis vum Chapitre 1, Art. 2, Missioun 1 vum Filmfongsgesetz vun 2014: « *d'encourager la création cinématographique et audiovisuelle et de promouvoir le développement du secteur de la production audiovisuelle au Grand-Duché de Luxembourg notamment par le biais de subventions, d'aides financières, de subsides, de bourses et de récompenses* ».

   Sollt ee vun de Projeten, déi mat engem Subside aus dem Solidaritéitsfong developpéiert goufen a Produktioun goen, an de Projet deemno zu enger offizieller Koproduktioun tëschent enger Produktiounsgesellschaft vu Lëtzebuerg an enger Produktiounsgesellschaft aus der Ukrain ginn, dann däerf déi bedeelegte Lëtzebuerger Firma eng sougenannten „Aide Financière Sélective (AFS)" beim Filmfong ufroen, déi dann no de Reegelen déi am Gesetz vun 2014 an dem zoustännege Règlement grand-ducal fixéiert goufen, behandelt gëtt.

2. Laut dem « Arrêté grand-ducal du 22 août 2022 portant constitution des Ministères » fällt d'Politique culturelle internationale an d'Attributioune vum Kulturministère.

Lëtzebuerg, de 4. Abrëll 2023.

D'Kulturministesch

(s.) Sam Tanson